



LEADER
Lëtzebuerg West



Regionalmagasinn - Magazine régional n°15



A B C D E F G

AARBECHTSPLAZEN

EUROPA

GESELLSCHAFT

H I J K L M N

INNOVATIOUN KULTUR

NATUR

O P Q R S T U

PARTIZIPATIV


REGIONAL

TOURISMUS

V W X Y Z

WUNNEN

ZESUMMEN



**LEADER
Lëtzebuerg West**
Boevange/Attert
Garnich
Koerich
Mamer
Mersch
Septfontaines
Steinfort
Tuntange

Inhaltsverzeichnis

Table des matières



Like us on facebook!

LEADER

Editorial	2-3
LEADER an der Regioun Lëtzebuerg West LEADER dans la région Lëtzebuerg West	4-7
D'Lokal Aktiounsgrupp Lëtzebuerg West stellt sech vir Le Groupe d'Action Locale Lëtzebuerg West se présente	8-21
Dëst an dat En bref	22-25
ORT a LEADER an der Regioun Lëtzebuerg West ORT et LEADER dans la région Lëtzebuerg West	26-27
APP Visit Luxembourg West	28

Impressum

Editeur:

LAG Lëtzebuerg West
1, rue de l'Eglise
L-7481 Tuntange
T : +352 26 61 06 80
E : lw@leader.lu
W : www.letzebuergwest.lu

Redaktioun:

Michèle Thinnès, Sarah Mathieu, Léa Kerger

Fotoen:

Raymond Clement, Peter Fischli, David
Laurent, Ben Majerus, Sarah Mathieu,
Christophe Olinger, Michèle Thinnès, Jeanine
Unsen, Jeannot Weber, Memberen LAG
Lëtzebuerg West

Layout:

Rose de Claire, design.

Drock:

Imprimerie Centrale

Oplo:

14.000 Stéck

Datum:

Déizember 2016

Foto : Christophe Olinger





No enger zweejäreger Paus si mir frou, lech eng nei Ausgab vum Regionalmagasinn kënnen virstellen. Engersäits knäppe mir un déi vergaangen Ausgaben un, Dir gesitt dëst am Layout an an der Numerotatioun. Anerersäits ass et eng Spezialausgab, well et den éischte Magasinn ass, deen an der neier LEADER-Förderperiod 2014-2020 erauskënnt. A well sech esou muenches an der Zesummesetzung vun der Lokaler Aktionsgrupp Lëtzebuerg West gedoen huet, stelle mir lech all d'Partner vun der Lokaler Aktionsgrupp an dëser Ausgab vir.

Beim Liese vun dësen Zeile fällt lech vläicht op, dass sech nach eppes geännert huet: An zwar erschéngt de Magasinn an Zukunft op de Sprooch Lëtzebuergesch a Franséisch. Des Weidere wäert an de kommende Joren de Regionalmagasinn just nach ee Mol am Joer erauskommen. Duerfir gëtt dësen awer ergänzt duerch dräi Newsletter, déi och wéi gewinnt an Äre Bréifboîte wäerte kommen. Den éischten Newsletter konnt Dir schonn am September an Ärer Boîte fannen. Aktuell Neiegkeete ginn et natierlech och ëmmer op eiser Internetsäit www.letzebuergwest.lu an op eiser Facebook-Säit.

Zum Optakt vun der neier Förderperiod ass et eis wichteg, och nach emol generell Informatiounen zu LEADER ze ginn, wéi LEADER funktionéiert an natierlech, wat ee mécht, wann een eng Projetsiddi huet. Dës Informatiounen fannt Dir am éischten Artikel vum Regionalmagasinn.

An de vergaangene Méint ass um LEADER-Büro an am Comité fläisseg un neie Projete geschafft ginn. Well Vernetzung tëschent den Acteuren an der Regioun an ausserhalb der Regioun ganz wichteg an der LEADER-Aarbecht ass, waren déi LEADER-Verantwortlech duerfir och op esou muench Veranstaltung. Dir fannt en Abléck heizou an der Rubrik *Dëst an dat*.

An dann ass am Joer 2016 mat der Grënnung vum Office Régional du Tourisme Centre/Ouest e ganz wichteg Schratt fir déi zukünfteg touristesch Entwécklung vun der Regioun gemaach ginn. Déi Lokal Aktionsgrupp Lëtzebuerg West huet jorelaang op en ORT higeschafft a mat ville Projeten am touristesche Beräich eng wichteg Viraarbecht geleescht. Iwwert déi zukünfteg Zesummenaarbecht tëschent LEADER an ORT an déi verschidden Aufgabeberäicher informéiert en extra Artikel an dëser Ausgab.

Vill Freed beim Liesen!

D'Mataarbechterin vum LEADER-Büro

Après une pause de deux ans, nous sommes heureuses de pouvoir vous présenter une nouvelle édition du magazine régional. Tout en restant dans la ligne des éditions précédentes, du moins pour ce qui est de la mise en page et de la numérotation, ceci est une édition spéciale, puisqu'il s'agit du premier magazine de la nouvelle période de programmation LEADER 2014-2020. Et comme certaines choses ont changé au niveau de la composition du Groupe d'Action Locale, nous vous présentons sur ces pages tous nos partenaires.

En lisant ces lignes, vous vous serez rendu compte qu'il y a une autre nouveauté: le magazine paraîtra dorénavant en luxembourgeois et français, et ce une fois par an. Afin de vous tenir informé toute l'année, il sera cependant complété d'un bulletin d'information qui vous parviendra trois fois par an par courrier. Vous avez déjà pu vous faire une idée de ce bulletin d'information grâce à une première édition parue en septembre. De plus, vous trouverez toutes nos actualités sur notre site www.letzebuergwest.lu et sur notre page Facebook.

Au lancement de la nouvelle période de programmation, il sera utile de vous fournir des informations générales au sujet de LEADER, de son fonctionnement et des démarches à entreprendre pour introduire des idées de projets. Ces informations se trouvent dans le premier article de ce magazine.

Lors des mois passés, le bureau et le comité LEADER se sont investis dans l'élaboration de nouveaux projets. La mise en réseau des acteurs de la région et au-delà de son territoire constitue un aspect primordial du travail de LEADER, voilà pourquoi les responsables ont assisté à de nombreuses manifestations. Vous trouverez un aperçu de ces activités dans la rubrique *En bref*.

Un pas important dans le développement touristique régional a été franchi avec la fondation de l'Office Régional du Tourisme Centre/Ouest. Le Groupe d'Action Locale Lëtzebuerg West a opéré durant des années en faveur d'un ORT, fournissant un travail préparatoire considérable avec de nombreux projets du domaine touristique. Dans cette édition, un article vous informera sur la collaboration entre LEADER et l'ORT et leurs différents champs d'action.

Bonne lecture !

Les collaboratrices du bureau LEADER

Wat ass LEADER?

LEADER ass eng Initiativ vun der Europäescher Unioun a steet fir „Liaison Entre Actions de Développement de l'Economie Rurale“. No dëser Definitioun soll **LEADER** Verbindungen tëschent Projeten an Acteuren aus der Wirtschaft am ländleche Raum hierstellen. D'Zil vu **LEADER** ass et, Mënschen a ländleche Regiounen ze mobiliséieren an hinnen ze hëllefen, hir eegen Iddien ze verwierklechen an nei Weeër auszeprobéieren. **LEADER** soll virun allem dozou bäidroen, d'regional Entwécklung vu ländleche Géigenden ze promouvieren. D'Bedeedung vun der lokaler Populatioun dem Bottom-up-Usaz entspriechend, d'Mobiliséierung vu lokale Ressourcen, d'Teste vun neie Weeër grad wéi de Vernetzungsgedanken si wesentlech Charakteristike vu **LEADER**.

Lokal Aktiounsgruppen (LAG) sinn d'Beneficiairë vu **LEADER**. An dëse Gruppe schaffen ëffentlech Partner (Gemengen an Institutiounen) a privat Partner aus de verschiddene sozioekonomesche Secteuren zesummen. D'LAGs sinn, geméiss dem Bottom-up-Usaz, fir d'Ausschaffen an d'Ëmsetze vun de Strategië fir eng lokal Entwécklung responsabel.

De Moment ginn et fënnef LAGs zu Lëtzebuerg. D'Lokal Aktiounsgrupp Lëtzebuerg West besteet säit dem Joer 2007, erstreckt sech iwwer 181,84 km² an ass d'Doheem vun iwwer 30.000 Awunner.



LEADER an der Region Lëtzebuerg West LEADER dans la région Lëtzebuerg West

LEADER, c'est quoi?

LEADER est une initiative de l'Union Européenne et signifie «Liaison Entre Actions de Développement de l'Economie Rurale». D'après cette définition, **LEADER** a pour mission de créer des liens entre projets et acteurs de l'économie en milieu rural. L'objectif de **LEADER** consiste à mobiliser les habitants des régions rurales et à les aider à développer leurs idées et à expérimenter de nouvelles méthodes. **LEADER** est censé contribuer à la promotion du développement dans les régions rurales. La participation de la population locale selon le principe du Bottom-up, la mobilisation des ressources locales, l'esprit pionnier ainsi que la mise en réseau, telles sont les caractéristiques essentielles de **LEADER**.

Les Groupes d'Action Locale (GAL) sont les bénéficiaires de **LEADER**. Au sein de ces groupes, les partenaires publics (communes et institutions) collaborent avec les partenaires privés de différents secteurs socio-économiques. Toujours selon le principe du Bottom-up, les GAL sont responsables de l'élaboration et de la mise en oeuvre des stratégies de développement local.

Actuellement, il existe cinq GAL au Luxembourg. Le Groupe d'Action Locale Lëtzebuerg West, fondé en 2007, s'étend sur 181,84km² et compte plus de 30 000 habitants.

Text: Auszich aus "LEADER in Luxembourg 2014-2020, Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs, 2016", Michèle Thinnès

Wat bewierkt LEADER?

LEADER ...

- ... promouvéiert Mënschen a Wirtschaft
- ... schaaft Aarbechtsplazen
- ... beléift d'Kultur an d'Gesellschaft
- ... setzt Impulser, fir Potentialer ze notzen
- ... wëll, dass Mënschen zesummen aktiv ginn
- ... verbënnt déijéineg, déi sech engagéieren
- ... léisst innovativ Iddie Wierklechkeet ginn
- ... promouvéiert den Austausch vun Erfahrungen an Know-how
- ... schaaft Kontakt tëschent Mënschen a ganz Europa
- ... beweegt d'Europa vun de ländleche Regiounen

Mat de LEADER-Fonge ginn innovativ Projeten am ländleche Raum ënnerstëtzt. D'Sue komme vun der Europäescher Unioun, dem Landwirtschaftsministère, de Gemengen an aus private Budgeten. Am Idealfall ginn d'Iddie fir Projete vu bestoende Strukturen an der Regioun (Gemengen, Veräiner oder Privatpersounen) entwéckelt an ëmgesat.

Wéi eng Tätigkeetsberäicher ënnerstëtzt LEADER?

LEADER ënnerstëtzt Projeten an all den Tätigkeetsberäicher, déi an der regionaler Entwécklungsstrategie fir déi jeeweileg LEADER-Förderperiod als Handlungsfelder vun der Lokaler Aktionsgrupp festgeluecht goufen. Déi aktuell Entwécklungsstrategie mat den Handlungsfelder gouf zesumme mat regionalen Acteuren an den Awunner vun der Regioun während Zukunftswshops am Joer 2014 ausgeschafft.

Fir d'Förderperiod 2014-2020 ënnerstëtzt LEADER Lëtzebuerg West an der Regioun ënnert dem Motto „Zesummen an eiser Regioun“ Projeten an de folgenden Tätigkeetsberäicher:

- **WunnRegioun** – Sozialen Zesummenhalt a Liewensqualitéit, Integratioun, Biergerbedeelegung
- **NaturRegioun** – Landwirtschaft a regional Produiten, Bësch, Waasser, Energie, Ëmweltbildung
- **KulturRegioun** – Geschicht vun der Regioun, kulturelle Patrimoine, Bildung
- **TourismusRegioun** – Tourismus, Fräizäit, Evenementer

Wéi eng Zilgruppen hunn d'Moosnamen, déi duerch LEADER ënnerstëtzt ginn?

All d'Aktiounen a Moosname vu LEADER sinn ausgeriicht op d'Weiderentwécklung an d'Promotioun vun der regionaler Identitéit, Wirtschaft a Vernetzung a riichte sech gläichermoossen un **all d'Awunner vun de LEADER-Partnergemengen.**

Quels sont les effets de LEADER?

LEADER ...

- ... soutient la population et l'économie
- ... crée des emplois
- ... anime la vie culturelle et sociale
- ... donne des impulsions pour utiliser tous les potentiels
- ... souhaite que la population s'unisse dans l'action
- ... crée des liens entre personnes engagées
- ... permet de réaliser des idées innovantes
- ... promeut l'échange d'expérience et de savoir-faire
- ... crée des contacts entre les citoyens de toute l'Europe
- ... mobilise l'Europe des régions rurales

Les projets innovateurs en milieu rural sont soutenus grâce aux fonds LEADER. Les finances proviennent de l'Union Européenne, du Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs, des communes et de budgets privés. Dans le cas idéal, ce sont les structures régionales existantes (communes, associations ou personnes privées) qui développent et concrétisent les idées de projets.

Quels domaines d'activités sont soutenus par LEADER ?

LEADER soutient des projets de tous les domaines d'activités fixés par le GAL en tant que champs d'action dans le cadre de la stratégie de développement pour la période en question. La stratégie de développement actuelle, avec ses champs d'action, a été élaborée en 2014 par les acteurs régionaux et les habitants de la région lors d'ateliers d'avenir.

Pour la période de 2014-2020, LEADER Lëtzebuerg West soutient, sous la devise «*Ensemble dans notre région*», des projets dans des champs d'action suivants:

- **Région de résidence** – solidarité sociale, qualité de vie, intégration, participation des citoyens
- **Région naturelle** – agriculture et produits du terroir, forêt, eau, énergie, éducation environnementale
- **Région culturelle** – histoire de la région, patrimoine culturel, éducation
- **Région touristique** – tourisme, loisirs, événements

À quels groupes-cibles s'adressent les mesures soutenues par LEADER ?

Toutes les actions et mesures de LEADER concernent le développement et la promotion de l'identité régionale, l'économie et la mise en réseau; elles s'adressent, de façon égale, à **tous les habitants des communes partenaires.**



Eng Iddi fir e Projet – wat maachen? Une idée de projet – que faire?

LEADER-Projekte müssen déi folgend Critèren erfüllen:

- Ëmsetzung an enger LEADER-Regioun
- Konformitéit mat der lokaler Entwécklungsstrategie
- E Bäitrag, fir d'Zil vun enger LEADER-Moosnam z'erreechen
- Innovative Charakter
- Schafe vun enger Partnerschaft op regionalem, gebittsiwwergräifendem bzw. transnationalem Niveau
- Virun allem Investitiounen mat „Software-Charakter“
- Eventuell Informatiounen, fir de Projet no der LEADER-Kofinanzierungsphas weiderzeféieren
- Iwwerdrobarkeet op aner Regiounen
- Eng positiv Decisioun vum LAG-Comité
- Bei Kooperationsprojeten: Bedeelegung vu mindestens 2 LAGs

Dir hutt eng Iddi fir e Projet, braucht awer Hëllef beim Ausschaffen an der Ëmsetzung, virun allem an der Ufanksphas? Dann zéckt net a kontaktéiert d'Lokal Aktionsgrupp Lëtzebuerg West. Mir hëllefen Iech gär weider!

Les projets LEADER doivent respecter les critères suivants:

- Être localisés dans la région LEADER
- Cadrer avec la stratégie de développement locale
- Contribuer à atteindre l'objectif d'une mesure LEADER
- Présenter un caractère innovateur
- Créer un partenariat à l'échelle régionale, interterritoriale ou transnationale
- Prévoir surtout des investissements à caractère « Software »
- Fournir des informations quant au maintien du projet au-delà de la phase de co-financement par LEADER
- Être transférables vers d'autres régions
- Bénéficier d'une décision positive de la part du comité du GAL
- Pour des projets de coopération: engager au moins deux GALs

Vous avez une idée de projet, mais vous avez besoin d'un coup de main pour la conception et la réalisation, notamment lors de la phase de lancement? N'hésitez pas à contacter le Groupe d'Action Locale Lëtzebuerg West. Nous sommes là pour vous aider!

Ären Uspriechspartner an der Regioun:

Votre contact dans la région:
Bureau LEADER Lëtzebuerg West
1, rue de l'Eglise
L-7481 Tuntange
Tel.: 26 61 06 80
E: lw@leader.lu
W: www.letzebuergwest.lu




strategy!

project





**Esou gëtt aus Ärer Iddi mat eiser Ënnerstëtzung e LEADER-Projet: /
Voilà comment, avec notre soutien, votre idée devient un projet LEADER:**



D'Lokal Aktiounsgrupp Lëtzebuerg West stellt sech vir Le Groupe d'Action Locale Lëtzebuerg West se présente

**Déi Lokal Aktiounsgrupp Lëtzebuerg West zielt 27 Partner
aus dem öffentlichechen a private Beräich:**

**Le Groupe d'Action Locale Lëtzebuerg compte 27 partenaires
des domaines public et privé:**

- Gemeng Béiwen/Attert
Commune de Boevange/Attert
- Gemeng Garnech / Commune de Garnich
- Gemeng Käerch / Commune de Koerich
- Gemeng Mamer / Commune de Mamer
- Gemeng Miersch / Commune de Mersch
- Gemeng Simmer / Commune de Septfontaines
- Gemeng Stengefort / Commune de Steinfort
- Gemeng Téinten / Commune de Tuntange
- Äischdall-Biker asbl
- ASIVEMA asbl
- Centrale des Auberges de Jeunesse
Luxembourgeoises asbl
- Centre d'Initiative et de Gestion Local (CIGL)
Steinfort asbl
- Duelemer Leit asbl
- Fondation Sclérose en Plaques Luxembourg
- D'Georges Kayser Altertumsfuerscher asbl
- Geschichtsfrënn vun der Gemeng Miersch asbl
- Käercher Schllassfrënn asbl
- Klimaforum vun der Gemeng Mamer asbl
- Landwirtschaftskammer
- Lëtzebuurger Privatbësch asbl
- Ligue HMC asbl
- Maison régionale des Jeunes de Steinfort et de
Koerich (Croix-Rouge asbl)
- Mamer Geschicht asbl
- Mierscher Kulturhaus asbl
- Mierscher Lieshaus asbl
- Service National de la Jeunesse
- Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la
Commune de Mersch asbl



Gemeng Béiwen/Atert Commune de Boevange/Attert

Zu der Gemeng Béiwen/Atert gehéieren d'Uertschafte Bill, Béiwen, Bruch, Bëschdref, Fënsterdall, Gréiweknapp an Openthalt. D'Gemeng gëtt an hirem nördlechen Deel gepräägt vun der Atert, déi der Gemeng och hiren Numm ginn huet. D'Gemeng Béiwen/Atert erstreckt sech op enger Fläch vun 1.887 Hektar an zielt 2.280 Awunner.

La commune de Boevange/Attert se compose des localités de Bill, Boevange, Brouch, Buschdorf, Finsterthal, Grevenknapp et Openthalt. Sa partie Nord est marquée par l'Attert, la petite rivière à laquelle la commune doit son nom. La commune de Boevange/Attert s'étend sur une superficie de 1887 ha. et compte 2 280 habitants.

Unzéiungspunkten/Points d'attraction :

- Helperknapp an Helpermaart/ [Helperknapp et Helpermaart](#)
- Gallo-réimeschen Tumulus/ [Tumulus gallo-romain](#)
- Bricherknäppchen/ [Bricherknäppchen](#)
- Sportveräiner/ [Associations sportives](#)

Den 1. Januar 2018 fusionéiert d'Gemeng Béiwen/Atert mat der Gemeng Téinten a gëtt dann déi nei Gemeng Helperknapp.

Le 1^{er} janvier 2018, la commune de Boevange/Attert fusionnera avec celle de Tuntange pour devenir la commune de Helperknapp.

www.boevange-attart.lu



Gemeng Garnech Commune de Garnich

D'Gemeng Garnech presentéiert sech als modern Gemeng a fleegt gläichzäiteg hir Traditiounen. D'Gemeng läit am Weste vum Land, an hir Fläch erstreckt sech iwwer 2.095 Hektar. D'Dierfer Garnech, Duelem, Koler an Héiweng gehéieren zu der Gemeng Garnech. Mat 398 m ass de *Réibierg* den héchste Punkt an der Gemeng. D'Gemeng zielt am Moment 2.100 Awunner aus 43 verschiddenen Nationalitéiten.

Commune moderne par excellence, la Commune de Garnich, qui compte actuellement 2 100 habitants de 43 nationalités différentes, ne néglige pas ses traditions pour autant. Située dans l'Ouest du pays, sa superficie s'étend sur 2 095 ha. La commune est constituée des villages de Garnich, Dahlem, Kahler et Hivange. Avec une hauteur de 398 mètres, le *Réibierg* est le point le plus élevé de la commune.

Unzéiungspunkten/Points d'attraction :

- Zweek ënnerierdesch Waasserbasengen um *Réibierg* (30.000 m³/Dag)/ [deux bassins d'eaux souterrains au Réibierg \(30.000m³/jour\)](#)
- Vëlos- a Wanderweeër an enger schéiner Natur/ [sentiers de randonnée et pistes cyclables dans une nature foisonnante](#)

Veranstaltungen/Manifestations:

- Festival Elsy Jacobs, e wichtegen Datum am Kalenner vum internationale Fraevëlosport
[Festival Elsy Jacobs, événement marquant du cyclisme féminin international](#)
- Hamefest, e grousst Volleksfest mat ville Visiteuren
[Hamefest \(fête du jambon\), une grande fête populaire accueillant de nombreux visiteurs](#)
- Klengkonscht-Festival, regroupéiert all zwee Joer während e puer Deeg verschidde kulturell Manifestatiounen.
[Klengkon-schtfestival, regroupant tous les deux ans, pendant quelques jours, diverses manifestations](#)

www.garnich.lu





Gemeng Käerch

Commune de Koerich

D'Gemeng Käerch läit tëschent Stengefort a Mamer am Agank vum Äischdall. Folgend Uertschafte gehéieren zu der Gemeng Käerch: Giewel, Gëtzen, Wandhaff a Käerch. D'Gemeng Käerch huet 2.516 Awunner. Während Giewel, Gëtzen a Käerch hire ländleche Charakter behalen hunn, huet sech um Wandhaff eng gréisser Industriezon entwéckelt.

La commune de Koerich se situe entre Steinfort et Mamer, à l'entrée de la Vallée de l'Eisch et se compose des localités suivantes: Goeblange, Goetzingen, Windhof et Koerich, avec une population totale de 2 516 habitants. Si Goeblange, Goetzingen et Koerich ont préservé leur caractère campagnard, une importante zone industrielle s'est développée sur le site de Windhof.

Unzéiungspunkten / Points d'attraction :

- Gréiweschlass zu Käerch / *Gréiweschlass à Koerich*
- Dekanatskierch / *Eglise décanale*
- Gallo-réimesch Villa zu Giewel
Villa gallo-romaine à Goeblange
- Schéin Natur / *Environnement naturel*

www.koerich.lu



Gemeng Mamer

Commune de Mamer

D'Gemeng Mamer zielt ronn 9.100 Awunner an den Uertschafte Mamer, Capellen an Holzem. Besonnesch jonk Famillje loosse sech an dëser Gemeng nidder, déi no bei der Stad Lëtzebuerg läit. An de leschte Jore sinn Dausende vun Aarbechtsplazen an den dräi Lokalitéite geschaaft ginn. De Parc d'activités op der Cap ass en Zeeche vun der wirtschaftlecher Entwécklung vun der Gemeng.

De Kulturzentrum *Kinneksbond* an d'*Galerie Op der Cap* sinn d'Aushängeschëlde vun der kultureller Offer. D'Garante fir eng gutt schoulesch Ausbildung a Betreierung vun de Kanner sinn déi nei a modern Schoulen an Opfaangstrukturen, déi an de Schoulcampussen zu Mamer an op der Cap regroupéiert sinn.

Wat Fräizäit an Erhuelung ugeet, fënnt een an deenen dräi Dierfer eppes fir all Alter: Bëscher, Parken an Erhuelungsgebieder, Spadséierweeër a Vëlospisten, Spillplazen, Sportterrainen, Sportshalen an e Jugendhaus.

La commune de Mamer compte environ 9 100 habitants, répartis sur les villages de Mamer, Capellen et Holzem. De nombreuses jeunes familles s'installent dans la commune, située à proximité de la capitale. Au cours des dernières années, des milliers d'emplois se sont créés dans les trois localités. Le parc d'activités de la Cap est significatif pour le développement économique de la commune.

Pour ce qui est de l'offre culturelle, le centre *Kinneksbond* et la *Galerie Op de Kap* en sont les hauts-lieux. Des écoles et structures d'accueil modernes, regroupées sur les campus à Mamer et Cap, assurent de façon optimale l'éducation et la garde des enfants.

Quant aux activités de loisirs et de détente, vous trouverez de tout dans les trois villages: forêts, parcs et lieux de détente, sentiers de randonnée et de cyclisme, aires de jeux, terrains et halls de sports ainsi qu'une maison des jeunes.

Unzéiungspunkten / Points d'attraction :

- Park Am Brill / *Parc Am Brill*
- Skate-Park / *Skateparc*
- Réimesch Thermene / *Thermes romains*
- Kulturzentrum *Kinneksbond* / *Centre culturel Kinneksbond*
- Vëlosweeër Nicolas Frantz / *Pistes cyclables Nicolas Frantz*
- An d'Streck Mamer-Eisch / *Le parcours Mamer-Eisch*
- De Mamer Pad / *Mamer Pad*
- 45 Kultur- a Sportsveräiner
45 associations culturelles et sportives

www.mamer.lu

Gemeng Miersch Commune de Mersch

D'Gemeng Miersch, mat enger Fläch vun ongeféier 5.000 Hektar, besteet aus den Uertschafte Miersch, Rolleng, Biereng, Recken, Méisdref, Pëtten, Essen a Schëndels an zielt momentan 9.142 Awunner. Déi zentral Lag an der Mëtt vum Land, um Zesummefloss vun Uelzecht, Äisch a Mamer an un der Schnëttstell vu groussen Hauptstroossen, huet d'Besiidlung an d'Geschicht vun der Uertschaft staark geprägt.

Vill Wanderweeër féieren duerch Bëscher a laanscht Fielse bei déi schéinste Punkte vun der Gemeng: *Wichtelcherlay, Mamerlayen, Hunnebour* asw. An der Gemeng leien dräi Schlässer a Buerger, déi fir eng Visite alueden: Miersch, Pëtten a Schëndels. En 1,5 Hektar grouse Park mat Weier, Spillplazen, Bänken a Gedrénksstand ass jidderengem matzen a Miersch zougänglech.

Zu Miersch ass eng Industriezon mat grousem Akafszentrum, eng Schwämm, e Camping, historesch Sehenswierdegkeete wéi de Méchelsturm, Réimervilla, Dekanatskierch, Eenelter Kapell. Aus kultureller Siicht huet Miersch och villes ze bidden: Kulturhaus, Lieshaus, Musée an der Schlasskapell, nationaalt Literaturarchiv a.v.m.

Avec une superficie de près de 5 000 ha, la commune de Mersch comprend les localités de Mersch, Rollingen, Beringen, Reckange, Moesdorf, Pettingen, Essingen et Schoenfels et compte actuellement un total de 9 142 habitants. Sa situation au centre du pays, à l'embouchure des rivières de l'Alzette, de l'Eisch et de la Mamer, au croisement de grands axes routiers, ont fortement marqué l'histoire et le développement démographique de la commune.

De nombreux sentiers de randonnée mènent à travers les forêts, le long des rochers, vers les lieux les plus attrayants: *Wichtelcherslay, Mamerlayen, Hunnebour* etc. Trois châteaux se trouvent sur le territoire de la commune et invitent à la découverte: Mersch, Pettingen et Schoenfels. Au centre de Mersch, un parc d'une étendue de 1,5 ha accueille les visiteurs avec un étang, des aires de jeux, des bancs et un stand de boissons.

Mersch héberge une zone industrielle avec un grand centre commercial, une piscine, un camping ainsi que des sites historiques comme la tour St. Michel, la villa romaine, l'église décanale, la chapelle de l'Eenelter... Le *Mierscher Kulturhaus, Mierscher Lieshaus*, Musée à la chapelle du château et archives nationales de littérature viennent compléter l'offre culturelle.

Unzéiungspunkten / Points d'attraction :

- Buerger a Schlässer vu Miersch
Châteaux et châteaux-forts de Mersch
- Pëtten a Schëndels / *Pettingen et Schoenfels*
- Gallo-réimesch Villa / *Villa gallo-romaine*
- Méchelsturm / *Tour St. Michel*
- Mierscher Park / *Parc de Mersch*
- Wander- a Vëlosweeër
Sentiers de randonnée et pistes cyclables
- Mierscher Kulturhaus / *Mierscher Kulturhaus*
- Eenelter Menhir / *Menhir de l'Eenelter*

www.mersch.lu



Gemeng Simmer Commune de Septfontaines

D'Gemeng Simmer besteet aus dräi Dierfer: Am Dall un den Häng laanscht d'Äisch leie Simmer als Hauptuert vun der Gemeng a Rued, uewen op der Kopp a Richtung Tënten läit Gräisch. D'Gemeng huet 815 Awunner. D'Awunnerzuele si réckleefeg. Um Territoire vun der Gemeng Simmer leie 27 Quellen, déi all am Besëtz vum SES (Syndicat des Eaux du Sud) sinn. Mat engem Debit vun ongeféier 8.800 m³ Waasser den Dag kënn e groussen Deel vum Drénkwaasser fir de Süde vum Land aus der Gemeng Simmer.

La commune se compose de trois localités: dans la vallée, le chef-lieu Septfontaines et Roodt sont adossés aux pentes le long de l'Eisch, tandis que le village de Greisch trône sur une hauteur en direction de Tuntange. La commune compte 815 habitants, dont le nombre diminue graduellement. 27 sources, toutes appartenant au SES (Syndicat des Eaux du Sud), coulent sur le territoire de la commune de Septfontaines, qui, avec un débit de 8 800 m³ d'eau par jour, approvisionne une grande partie du Sud du pays en eau potable.

Unzéiungspunkten / Points d'attraction :

- Dräi als national Monumenter klasséiert Bauten (d'Kierch St-Martin mam Kierfecht, d'Geessebréck iwwert d'Äisch an d'Buerg vu Simmer)
Trois bâtiments classés Monuments Nationaux (l'église St-Martin et son cimetière, la Geessebréck enjambant l'Eisch et le château de Septfontaines)
- D'Natur am Dall vun der Äisch
La beauté naturelle de la Vallée de l'Eisch

Den 1. Januar 2018 wäerten d'Gemenge Simmer an Habscht fusionéieren an déi nei Gemeng Habscht bilden.

www.septfontaines.lu



Gemeng Stengefort / Commune de Steinfort

D'Gemeng Stengefort, déi sech zu engem moderne Wunn- an Aarbechtszentrum am Weste vum Land, net wäit vum Dall vun de Siwe Schlässer ewech, entwéckelt huet, besteet nieft dem Haaptuert Stengefort nach aus den Uertschafte Klengbetten, Hoen a Grass. D'Gesamtfläch beleeft sech op 12,2 km². Momentan huet d'Gemeng Stengefort bësse méi wéi 5.000 Awunner aus 70 verschidden Nationalitéiten.

Dank enger sëllege Geschäfte, Veräiner, Manifestatiounen an enger grousser Offer u Fräizäitaktivitéiten ass Stengefort eng ganz lieweg Gemeng. Si bitt awer och Méiglechkeeten, fir ze entspane wéi zum Beispill e Spadséiertour op engem vun de ville Wanderweeër, déi un dat kulturellt an industrielt liewe vun der Gemeng erënneren, oder bei engem Vëlostour op der nationaler Vëlospist.

Située à proximité de la Vallée des Sept Châteaux, la commune de Steinfort est devenue un centre d'activités et d'habitation dans l'ouest du pays. En dehors du chef-lieu Steinfort, les localités de Kleinbettingen, Hagen et Grass font partie de la commune, dont la superficie totale s'élève à 12,2 km². Actuellement un peu plus de 5 000 personnes de 70 nationalités habitent sur son territoire.

Ses nombreux commerces, associations, manifestations et une vaste offre de loisirs font de Steinfort une commune très active. Bien entendu, les possibilités de détente ne manquent pas: promenade sur un des nombreux sentiers dédiés au patrimoine culturel et industriel ou tour à vélo sur la piste cyclable nationale.

Unzéiungspunkten / Points d'attraction :

- Weier / Étang
- Schwämm / Piscine
- Bëscher / Forêts
- Spadséierweeër / Sentiers de promenade
- Industriell liewen → Al Schmelz
- Patrimoine industriel → Al Schmelz

Veranstaltungen / Manifestations :

- Kulturfestival SchmelzKultur / Festival culturel SchmelzKultur
- Chrëschtmaart / Marché de Noël
- Owes-Maart / Marché nocturne
- En Dag um Weier / Une journée à l'étang
- Vintage Cars & Bikes Steinfort
- Vintage Cars & Bikes Steinfort

www.steinfort.lu



Gemeng Téinten

Commune de Tuntange

D'Gemeng Téinten besteet aus den Dierfer Téinten, Huelmes, Bur, Aansebuerg a Märjendall. Op enger Fläch vun 18,74 km² wunnen ca. 1.670 Leit, dovunner zwee Drëttel mat Lëtzebuurger Nationalitéit. D'Gemeng zielt dräi Buerger (Huelmes, Buerg a Schloss vun Aansebuerg), läit am rouegen Äischdall an zitt d'Leit virun allem duerch eng intakt Natur un. Eleng de Gemeengebësches ass 230,58 Hektar grouss an huet munch flott Spadséierweeër opzeweisen.

La commune de Tuntange se compose des villages de Tuntange, Hollenfels, Bour, Ansembourg et Marienthal. D'une superficie de 18,74 km², elle héberge environ 1.670 habitants, dont deux tiers de nationalité luxembourgeoise. Trois châteaux se trouvent sur son territoire (Hollenfels, château et château-fort d'Ansembourg). Grâce à sa nature intacte, Tuntange attire de nombreux visiteurs. La forêt communale à elle seule s'étend sur 230,58 ha et dispose de nombreux sentiers de randonnée.

Unzéiungspunkten / Points d'attraction :

- Buerg vun Huelmes / Château de Hollenfels
- Schloss a Buerg vun Aansebuerg / Châteaux d'Ansembourg
- Wander- a Vëlosweeër
- Sentiers de randonnée et pistes cyclables

Den 1. Januar 2018 fusionéiert d'Gemeng Téinten mat der Gemeng Béiwen / Atert a gëtt dann déi nei Gemeng Helperknapp.

Le 1^{er} janvier 2018, la commune de Tuntange fusionnera avec celle de Boevange / Attert pour devenir la commune de Helperknapp.

www.tuntange.lu





Aischdall-Biker asbl

De Veräin Aischdall-Biker huet sech d'Missioun gesat, fir de Mountainbike oder Vélo Tout Terrain (VTT) an der Gemeng Käerch, mee virun allem am Äischdall méi attraktiv ze maachen an doduerch d'touristesche Opwäertung vun der Regioun ze ënnerstëtzen.

L'organisation Aischdall-Biker a pour objectif de promouvoir des activités de VTT dans la commune de Koerich, mais surtout dans la Vallée de l'Eisch, et de contribuer ainsi à une valorisation touristique de la région.

Aktivitéiten/ Activités:

An Zesummenaarbecht mat Biketours asbl bidden d'Aischdall-Biker geféiert MTB- a Stroossevélo-Tier am Äischdall an Ëmgéigend un.

Aischdall-Biker hält och un der MTB-Randonnée deel, déi all Joer zu Habscht organiséiert gëtt.

En collaboration avec Biketours asbl, les Aischdall-Biker asbl propose des tours guidés pour VTT ou vélos de route.

L'association participe en plus à la randonnée VTT annuelle organisée à Hobscheid.

www.aischdall-bike.lu

ASIVEMA (Entente des Syndicats d'Initiative et des Communes des Vallées de l'Eisch, de la Mamer et de l'Attert) asbl

D'ASIVEMA huet d'Zil, den Tourismus an den Däller vun der Äisch, Mamer an Attert ze fërderen.

L'ASIVEMA opère dans la promotion touristique dans les Vallées de l'Eisch, de la Mamer et de l'Attert.

Aktivitéiten/ Activités:

Säit 1957 organiséiert d'ASIVEMA déi sougenannten Apero-Touren: All leschte Sonndeg am Mount invitéiert d'ASIVEMA op eng geféiert gratis Wanderung an der Regioun.

Donieft huet d'ASIVEMA sech fir déi lescht Rou vun der Gräfin Ermesinde zu Clairefontaine agesat.

Depuis 1957, l'ASIVEMA organise les «Apero-Tours»: chaque dernier dimanche du mois, l'ASIVEMA invite à une randonnée guidée gratuite dans la région.

Dans le passé, l'ASIVEMA s'est engagée pour que la comtesse Ermesinde repose à Clairefontaine.

www.asivema.lu





Les Auberges de Jeunesse Luxembourgeoises asbl

Der Lëtzebuurger Jugendherbergszentral hir Zilsetzung ass
ënnert anerem:

Les objectifs de la Centrale des Auberges de Jeunesse
Luxembourgeoises sont:

- Ënnerstëtzung vun engem sozialen, sportlechen a
pädagogeschen Tourismus, besonnesch fir Kanner,
Jugendlecher a Familljen
*Le soutien d'un tourisme social, sportif et pédagogique,
avant tout pour enfants, adolescents et familles*
- Ariichtung, Entretien a Verwaltung vu Jugendherbergen,
allgemeng lwwernuechtungsméiglechkeete souwéi
Ausbildungs- an Animatiounszentren zu Lëtzebuerg
*L'installation, l'entretien et la gestion d'auberges de
jeunesse et d'autres possibilités de séjour ainsi que de
centres de formation et d'animation au Luxembourg*
- Ënnerstëtzung vum Begéinen an Austausch
tëschen Jugendlechen, onofhängeg vun
Hierkuntsland, Nationalitéit, Geschlecht, Relioun
oder Weltanschauung / *Le soutien de rencontres et
d'échanges entre jeunes, indépendamment de leur
provenance, nationalité, sexe, religion ou convictions*
- Organisatioun vu Schoulausflüch souwéi d'Ënnerstëtzung
vun ausserschouleschen Aktivitéiten am Zesummenhang
mat Jugendherbergen. *L'organisation d'excursions
scolaires et le soutien d'activités extrascolaires en
relation avec les auberges de jeunesse*

Aktivitéiten / Activités:

Niewent lwwernuechtungsméiglechkeete bidden
d'Jugendherbergen eng balancéiert Kiche mat regionalen a
faire Produiten, en ofwiesslungsräiche Fräizäitprogramm an déi
néideg Infrastrukture fir Kannergebuerdsdeeg an Tagungen. An
der Regioun Lëtzebuerg West ass d'Jugendherberg Huelmes de
Vertrieder vun der Jugendherbergszentral.

En dehors des possibilités d'hébergement, les auberges
de jeunesse proposent une cuisine équilibrée sur base de
produits régionaux et équitables, une offre de loisirs variée
ainsi que des infrastructures pour anniversaires d'enfants ou
conférences.

www.youthhostels.lu

LEADER

Lëtzebuerg West

www.letzebuergwest.lu

Centre d'Initiative et de Gestion Local (CIGL) Steinfert asbl

D'Haaptaufgabe vum CIGL Stengefort sinn:

Les principales missions du CIGL Steinfert consistent à:

- Aktiv un der lokaler Entwécklung deelhuele
Jouer un rôle actif dans le développement local
- Eng besser Insertioun vu Persounen, déi eng Aarbecht
sichen a sech vum éischten Aarbechtsmarché entfernt
hunn / *Améliorer l'insertion de demandeurs d'emplois
qui se sont éloignés du premier marché du travail*
- Ënnerstëtzung vun der sozialer Inclusioun
Favoriser l'inclusion sociale

De CIGL Stengefort bitt folgend Servicer un:

Le CIGL Steinfert offre les services suivants:

- *Kniwwelkëscht*: Duerchféierung vu klengen Aarbechten
an de Beräicher Gaart, Steemetzerei, Handwierk, kleng
Renovatiounen a saisonal Aarbechten / *Kniwwelkëscht
(boîte de bricolage): réalisation de petits travaux de
jardinage, de maçonnerie, d'artisanat, de rénovation et
saisonniers*
- Ëmweltservice: Verschëinerung vun öffentleche
Plazen, Ënnerstëtzung vum Veräinsliewen, Ëmsetzung
vu Biergerprojeten / *Service de l'environnement:
aménagement d'espaces publics, soutien de la vie
associative, réalisation de projets participatifs*
- *Steinfert Adventure*: Héichseelgaart mat Restaurant an
Organisatioun vu Gebuerdsdeeg / *Steinfert Adventure:
parcours d'accrobranche avec restaurant et organisation
de fêtes d'anniversaire.*

www.ciglsteinfort.lu





Duelemer Leit asbl

D'Aufgabe vun den Duelemer Leit sinn d'Fërdere vum Duerfliewen an der Duerfgesellschaft, d'Erhale vun der lokaler Kultur an Traditionen souwéi d'Opwäertung vun der Wunn-, Erhuelungs- a Liewensqualitéit zu Duelem.

L'association *Duelemer Leit* a pour missions la promotion de la vie sociale et de la communauté villageoise, la sauvegarde de la culture et des traditions locales ainsi que l'amélioration de la qualité de vie, de logement et de loisirs à Dahlem.

D'Duelemer Leit sinn aktiv a folgende Beräicher:
L'asbl est active dans les domaines suivants:

- Uleeë vun Trëppelweeër zu Duelem an d'Vernetzung vun de Spadséierweeër aus der Regioun / *Aménagement de sentiers pédestres à Dahlem et mise en réseau des sentiers de la région*
- Duerfverschönerung
Embellissement du village
- Plangen an Uleeë vun enger Duerfplaz
Planification et aménagement d'une place au centre du village
- Kulturell an traditionell Manifestatiounen
Manifestations culturelles et traditionnelles

duelemer.leit@garnich.lu

D'Georges Kayser Altertumsfuerscher asbl

D'Georges Kayser Altertumsfuerscher hu sech als Aufgabe gesat, archeologesch Ausgruewungen ze maachen, historesch Sitten an der Regioun hëllefen ze erhalen a kulturell Manifestatiounen (mat) ze organiséieren.

L'asbl D'Georges Kayser Altertumsfuerscher effectue des fouilles archéologiques, s'engage pour la sauvegarde de sites historiques régionaux et (co-)organise des manifestations culturelles.

Aktivitéiten / Activités:

- Ausgruewungen, Jugendcamp, Ausgriewermusée, Zäitschrëft, Ausstellungen
Fouilles, camp de jeunesse, musée des fouilles, magazine, expositions
- Ënnerhalt vun der Réimervilla vu Giewel an Opbau vun de keltischen Adelsgriewer vu Giewel-Nouspelt
Entretien de la villa romaine à Goebange et reconstitution des sépultures celtiques à Goebange-Nospelt
- Porte-ouverten, Féierunge fir Gruppen, Aktivitéite mat Schoullklassen
Portes ouvertes, visites guidées, activités pour classes scolaires

Des Weidere schaffe si zesumme mat der *Universität Trier*, der *Europäischen Akademie Otzenhausen*, dem *Freundeskreis Keltischer Ringwall*, der *TERREX*, *Arc-hab/Villa Mageroy* (B) asw.

L'asbl coopère avec l'université de Trèves, l'académie européenne d'Otzenhausen, les associations *Freundeskreis Keltischer Ringwall*, *TERREX*, *Arc-hab/Villa Mageroy* (B) etc.

www.gka.lu



Geschichtsfreënn vun der Gemeng Miersch asbl

D'Zil vun de Geschichtsfreënn vun der Gemeng Miersch ass et, den historesche Patrimoine vun der Gemeng Miersch souwéi Dokumenter an Objete vun der Mierscher Geschicht fir déi nächst Generatiounen ze erhalen.

L'objectif des Amis de l'histoire de la commune de Mersch est la sauvegarde du patrimoine historique et des documents et objets en relation avec l'histoire de la commune de Mersch pour les générations futures.

Aktivitéiten / Activités:

- Ariichte vun engem historesche Musée an der Schlasskapell vu Miersch zesumme mat der Gemeng / *Aménagement d'un musée historique dans la chapelle du château de Mersch, en collaboration avec la commune*
- Artikelen iwwert d'Mierscher Geschicht schreiwen / *Rédaction d'articles sur l'histoire de Mersch*
- Buch „Miersch – meng Gemeng“
Livre Miersch – meng Gemeng (Mersch – ma commune)
- Historesch Rondgäng
Circuits pédestres historiques

www.geschichtsfreenn-miersch.lu

Käercher Schlassfrënn asbl

Säit dem Joer 1993 sinn d'Käercher Schlassfrënn aktiv. Haaptaufgab vun de Schlassfrënn ass d'Erhale vum Gréiveschlass esou, datt do erëm kulturell Evenementer kënnen stattfannen. No der Restauratioun vum Gréiveschlass sollen d'Käercher Schlassfrënn mat der Zoustëmmung vum Ministère de la Culture an der Käercher Gemeng d'Gestioun vum Site Käercher Schlass assureieren.

Doriwwer eraus beméie sech d'Schlassfrënn ëm d'Wäertschätzung vun alle lokalen a regionale Kulturgidder.

Actifs depuis 1993, les Käercher Schlassfrënn s'engagent pour la sauvegarde du Gréiveschlass en vue d'une exploitation culturelle. Après la restauration du château, les Schlassfrënn assureront, avec l'accord du Ministère de la Culture et de la commune de Koerich, la gestion du site.

Par ailleurs, les Amis du château œuvrent pour la valorisation de biens culturels locaux et régionaux.

Aktivitéiten / Activités:

- Tempus Mediaevale / Tempus Mediaevale
- Concerts de Koerich / Concerts de Koerich

www.ksf.lu



Fondation Sclérose en Plaques Luxembourg

D'Multiple Sclérose Lëtzebuerg (MSL) ass de gemeinsamen Numm, deen d'Aktivitéite vun der Ligue Luxembourgeoise de la Sclérose en Plaques asbl (LLSP) a vun der Fondation Sclérose en Plaques Luxembourg (FSPL) säit 2013 zesumme faasst.

D'Ziler vun der LLSP an der FSPL bestinn haaptsächlech doraus, d'Liewensqualitéit vun deene Leit, déi vu Sclérose en plaque (SEP) betraff sinn an hirem Entourage ze verbesseren. D'MSL huet och d'Missioun, fir d'Effentlechkeet iwwer d'Spezifitéite vu SEP z'informéieren an ze sensibiliséieren. Gläichzäiteg ënnerstëtzt si déi wëssenschaftlech Recherche am Zesummenhang mat SEP.

Multiple Sclérose Lëtzebuerg (MSL), telle est la désignation commune qui englobe les activités de la Ligue Luxembourgeoise de la Sclérose en Plaques asbl (LLSP) et de la Fondation Sclérose en Plaques Luxembourg (FSPL) depuis 2013.

Les deux organisations ont pour objectif commun d'améliorer la qualité de vie des personnes atteintes de sclérose en plaque et de leur entourage. La MSL a également pour mission d'informer et de sensibiliser le public par rapport aux spécificités de la sclérose en plaque. De plus, la MSL soutient la recherche scientifique dans ce contexte.

Aktivitéiten / Activités:

- Dagesëmfang a Vakanzenoffer am MS – Day Center „Um Bill“
Accueil de jour et offre de vacances au MS – Day Center «Um Bill»
- Verwaltung vun der Residenz „Al Esch“ mat 16 Wunnengen
Gestion de la résidence «Al Esch» avec 16 appartements
- Fräizäitaktivitéiten an der Residenz „Al Esch“, Aquasport zu Walfer
Activités de loisirs à la résidence «Al Esch», aquasport à Walferdange
- Fester a Konferenze fir d'Effentlechkeet
Fêtes et conférences publiques
- psychologesch Betreierung, eenzel an an der Grupp
Suivi psychologique individuel ou en groupe
- Austausch an Zesummenaarbecht mat aneren nationalen an internationale Vereenegungen/
Échange et collaboration avec d'autres associations nationales et internationales
- Verëffentlechung MSKontakt / Publication MSKontakt

www.msweb@pt.lu; mslux@pt.lu



KlimaForum vun der Gemeng Mamer asbl

De KlimaForum huet sech als Aufgab ginn, d'Gemeng an d'Bevëlkerung fir en aktive Klimaschutz ze sensibiliséieren a konkret Solidaritéit mat de Mënschen am Süden ze liewen.

La mission du *Klimaforum* consiste à sensibiliser la population à la protection active du climat et de concrétiser la solidarité avec les habitants du Sud.

Aktivitéiten/Activités:

- Konferenzen / *Conférences*
 - Tables-ronden / *Tables-rondes*
 - Thematesch Vëlostouren / *Tours thématiques à vélo*
 - Visitten / *Visites*
 - KLIMA-INFO / *KLIMA-INFO*
 - Initialiséierung vu Pilotprojeten: Aféierung vu fair gehandelte Produiten an der Gemeng, Abau vu Sonnekollektoren, Gemeinschafts-Fotovoltaikanlag, Vëlosschoul fir Kanner
- Initialisation de projets pilotes: introduction de produits fairtrade dans la commune, montage d'installations solaires, installation de photovoltaïque communautaire, école de vélo pour enfants*

klimaforum@pt.lu



Landwirtschaftskammer / *Chambre d'agriculture*

D'Landwirtschaftskammer ass déi offiziell Vertriedung vun de Baueren, Wënzer a Gäertner. D'Landwirtschaftskammer huet folgend Aktivitéitsberäicher:

En tant qu'organisation représentative officielle des agriculteurs, des vignerons et des jardiniers, la Chambre d'agriculture est active dans les domaines suivants:

- Verdeelegung vun de landwirtschaftlechen Interessen
Défense des intérêts de l'agriculture
- Verwaltung vun de Léierplazekontrakten an den „gréngen“ Beruffer
Gestion des contrats d'apprentissage et des métiers «verts»
- Organisatioun a Koordinéierung vun der berufflecher Weiterbildung
Organisation et coordination de la formation continue
- Koordinéierung vun der landwirtschaftlecher Berodung
Coordination du conseil agricole
- Ënnerstëtzung a Berodung vun all de Baueren, Wënzer a Gäertner
Soutien et conseil des agriculteurs, vignerons et jardiniers
- Berodung am Planzebau, Waasserschutz an Naturschutz
Conseil au niveau de la culture, de la protection des eaux et de l'environnement
- Verwaltung vum Hierkuntszeeche *Produit du terroir* – *Lëtzebuurger... a Sou schmaacht Lëtzebuerg*
Gestion de la marque d'origine Produit du terroir – Lëtzebuurger... et Sou schmaacht Lëtzebuerg

www.lwk.lu



Lëtzebuenger Privatbësch asbl

De Lëtzebuenger Privatbësch (Groupement des Sylviculteurs) vertritt d'Interesse vun de Privatbëschbesëtzer.

Le Lëtzebuenger Privatbësch (Groupement des Sylviculteurs) défend les intérêts des propriétaires forestiers privés.

Aktivitéiten / Activités:

- Gratis Berodung vu Bëschbesëtzer, fir Memberen an Netmemberen
[Conseil aux propriétaires forestiers, membres ou non-membres](#)
- PEFC-Bëschzertifizéierung
[Certification forestière PEFC](#)
- Plangen an Organiséiere vu Bëschaarbechten
[Planification et organisation de travaux forestiers](#)
- Bereetstellung vun Informatiounen: *De Lëtzebuenger Bësch*, Broschüren, Internetsäit asw.
[Mise à disposition de matériel d'information: De Lëtzebuenger Bësch, brochures, site internet etc.](#)
- Weiderbildungsmoosnamen: Excursiounen, / Informatiounsstänn, Motorseekueren, Bëschführerschäin asw. / [Mesures de formation continue: excursions, stands d'information, cours de tronçonneuse, permis forestier etc.](#)
- Haftpflicht- a Feierversécherung fir Memberen
[Assurances responsabilité et incendie pour les membres](#)

www.privatbesch.lu

Ligue HMC asbl

D'Ligue HMC ënnerstëtzt Mënsche mat enger geeschtger Behënnerung fir eng besser sozial, beruflech a kulturell Inclusioun an der Gesellschaft:

[La Ligue HMC soutient les personnes en situation de handicap mental en vue d'une meilleure inclusion sociale, professionnelle et culturelle dans la société:](#)

- Eng Formatioun, fir spéiderhin an engem Atelier protegé oder bei engem Privatpatron schaffen ze kënnen
[Une formation permettant de travailler plus tard dans un atelier protégé ou pour un employeur privé](#)
- Aarbechtsplazen a 25 verschidden Atelierien
[Postes de travail dans 25 ateliers différents](#)
- Begleedung op externen Aarbechtsplazen
[Accompagnement en cas d'emplois externes](#)
- Wunngemeinschaften an Appartementer, wou Mënsche mat enger Behënnerung kënnen wunnen a wou hinnen eng Begleedung ugebuede gëtt / [Logements en communauté permettant aux personnes en situation de handicap de bénéficier d'un accompagnement](#)
- Fräizäitaktivitéiten a Formatioun continue fir Mënsche mat enger Behënnerung / [Activités de loisirs et formation continue pour personnes en situation de handicap](#)
- Berodung fir Mënsche mat enger Behënnerung an hir Famillen / [Conseil aux personnes en situation de handicap et à leurs familles.](#)

Aktivitéiten / Activités:

Restaurant, Buttek mat Produiten aus de Beräicher Keramik, Schlässerei, Schräinerei, Buchbënnerei, Stull- a Kuerfflecherei, Wiewerei, Verkaf vu frëschem Uebst a Geméis, Jus, Äppelchips, Second-Hand-Shop fir Kanner, Kaddoe fir Evenementer, Dekoratiounsartikel, Servicer fir grouss Betriber, fir Produiten ze verpacken, ze sortéieren an ze recycléieren, Theateropféierungen a Stroossekonscht.

[Restaurant; magasin de produits artisanaux \(céramique, serrurerie, menuiserie, reliure, vannerie, tissage\); vente de fruits et légumes, jus, chips de pommes; articles de seconde main pour enfants; cadeaux pour événements, articles de décoration; services pour grandes entreprises \(emballage, triage, recyclage\), théâtre et spectacles de rue](#)

www.ligue-hmc.lu





Maison régionale des Jeunes de Steinfort et de Koerich (Croix-Rouge asbl)

D'Jugendhaus stellt de Jugendleche jugendgerecht Raim zur Verfügung. Duerch d'Bezéiung vum Educateur an dem Jugendlechen entwéckelt sech e vertrauensvolle Kontakt, fir déi Jonk op hirem Wee an den Erwuessenenalter ze ënnerstëtzen. Thematesch fanne Projeten an Aktivitéiten am Jugendhaus am Kader vu folgende Beräicher statt: Emotiounen, sozial Bezéiungen, Participatioun, Kommunikatioun, Kreativitéit, Kierperbewosstsinn an Ëmwelt.

La maison des jeunes met à disposition des locaux adaptés aux jeunes. Grâce à la relation entre l'éducateur et le jeune, un contact de confiance se met en place, permettant de soutenir le jeune sur son chemin vers l'âge adulte. Des projets et activités thématiques ont lieu dans les domaines suivants: émotions, relations sociales, participation, communication, créativité, prise de conscience du corps, environnement...

Aktivitéiten/ Activités:

- Intern Aktivitéiten: Kachen, Fussballturnéier, Kriminight, Scarynight, kreativ Aktivitéiten
 Activités internes: cuisine, tournoi de foot, nuit du polar, nuit du frisson, activités créatives
- Extern Aktivitéiten: Kino, Bowling, Heehotel, Waassersport, Kloteren, Nuit du Sport
 Activités externes: cinéma, bowling, hôtel du foin, sports aquatiques, escalade, nuit du sport
- Projeten: Action and Fun Challenge, Graffiti, Klimaprojet/ Projets: Action and Fun Challenge, Graffiti, projet climatique

www.croix-rouge.lu/steinfortkoerich

Mamer Geschicht asbl

D'Vereenegung Mamer Geschicht dréit zum Erhale vum histoiresche Patrimoine a vum Gediechtnes vun der Gemeng Mamer bäi.

L'association Mamer Geschicht contribue à la sauvegarde du patrimoine et du passé historique de la Commune de Mamer.

Aktivitéiten/ Activités:

- Virträg iwwert d'Lokalgeschicht
 Conférences sur l'histoire locale
- Féierungen duerch d'Gemeng Mamer
 Tours guidés à travers la commune
- Visitte vun nationalen an internationalen Ausstellungen a Plazen, déi eng Verbindung mat der Geschicht vu Mamer hunn
 Visites d'expositions et de lieux nationaux ou internationaux ayant un rapport avec l'histoire de Mamer
- Mamer Geschichtsdag
 Mamer Geschichtsdag (journée de l'histoire)

www.cpmamer.clubs.lu





CAKU Goldmädchen by Traffik Theater Luxembourg © Peter Fischli

Mierscher Kulturhaus asbl

D'Mierscher Kulturhaus ass als Member vun der Theaterfederatioun, dem Lëtzeburger Reseau vun den dezentrale Kulturhaiser, der Initiativ Making Luxembourg an dem Aktiounsgrupp Lëtzebuerg West een etablierte kulturellen Acteur op regionalem a landeswäitem Plang. Kultur ass net nëmmen e schéinen Zäitverdreif, mä och en aussergewöhnlech wichtege Motor vun a fir eis Gesellschaft. Sécher kann dëse Motor net alles un d'Rulle kréien - an dach kann hie villen bewegen, wat mir am Alldag heiansdo vergiessen. Staunen, nolauschten, kucken, bewonneren, genéissen, riskéieren, nodenken, respektéieren, lassloossen, matmaachen, trauern, opstoen a weidergoen, léieren, zweiwelen, nofroen, danzen, Jo soen, couragéiert sinn, iwwerzeegen, Nee soen, hærzhaft laachen. Luusst bei eis eran, zéckt net, bei eis laanschtzekommen, fir eise Programm ze genéissen, mat villen Iwwerraschungen, neien an ale Gesichter, a fir e Moment der Zäit *Zäit* ze ginn.

En tant que membre de la fédération théâtrale, du réseau luxembourgeois des maisons culturelles décentralisées, de l'initiative Making Luxembourg et du Groupe d'Action Locale Lëtzebuerg West, le Mierscher Kulturhaus est un acteur bien ancré sur le plan régional et national. Bien plus qu'un divertissement agréable, la culture est un important moteur de et pour notre société. Certes, ce moteur n'arrive pas à faire tourner le monde à lui seul – mais il peut faire bouger certaines choses que nous avons tendance à oublier dans notre vie quotidienne. S'étonner, écouter, regarder, admirer, savourer, risquer, réfléchir, respecter, lâcher, participer, regretter, se lever et continuer, apprendre, douter, questionner, danser, dire oui, être courageux, persuader, dire non, rire de bon cœur. Passez nous voir, n'hésitez pas à nous rendre visite afin de suivre notre programme plein de surprises, de têtes nouvelles et anciennes – laissez du temps au temps!

Missioun/ Mission:

Nom Motto vum Antoine de Saint-Exupéry: „Pour ce qui est de l'avenir, il ne s'agit pas de le prévoir, mais de le rendre possible“./ Selon la devise d'Antoine de Saint-Exupéry: «Pour ce qui est de l'avenir, il ne s'agit pas de le prévoir, mais de le rendre possible».

www.kulturhaus.lu

Mierscher Lieshaus asbl

D'Mierscher Lieshaus ass eng öffentlech Bibliothék an Internetstuf mat folgenden Aufgaben:

Le Mierscher Lieshaus (maison de la lecture) est une bibliothèque avec salle internet ayant pour missions:

- Gestiou vum enger clientsfrëndlecher, aktueller Bibliothék
 Gestion d'une bibliothèque conviviale et actuelle
- Ubidde vum enger attraktiver, informativer Offer
 Garantir une offre attrayante et informative

Aktivitéiten a Veranstellungen ronderëm d'Thème Bicher, Liesen, Schreien:

Activités et manifestations autour des thèmes des livres, de la lecture et de l'écriture:

- Liesungen/ Séances de lecture
- Lieskrees (Austausch iwwert Bicher)
 Cercle de lecture (échange au sujet de livres)
- Literamus (Austausch iwwert Literatur a Musek)
 Literamus (échange sur la musique et la littérature)
- Kueren: Schreifatelieren, Workshops
 (z.B. lëtzebuergesch Orthographie, Texter schwätzen, virlesen ...)
 Cours: ateliers d'écriture, workshops divers
 (p.ex. orthographie luxembourgeoise, parler en public, lire à haute voix ...)
- Konferenzen/ Conférences
- Dîner littéraire/ Dîner littéraire
- Visitte vum Lieshaus/ Visite du Lieshaus

www.mierscher-lieshaus.lu





Service National de la Jeunesse (Centres Marienthal et Hollenfels)

D'Jugendzentre vum Service National de la Jeunesse sinn:
Les centres du Service National de la Jeunesse sont:

- Plazen, déi de Jugendleche gewidmet sinn: Si si reservéiert fir Aktivitéite fir déi Jugendlech, vun de Jugendlechen a fir d'Weiterbildung am Beräich Kanner- a Jugendarbecht / *Des lieux dédiés aux jeunes: ils sont réservés aux activités des jeunes et pour eux ainsi que pour des formations dans le domaine du travail avec enfants et adolescents*
- Pädagogesch Laboratoire: Si entwéckelen nei Aktivitéite fir Kanner a Jugendlecher mam Zil, d'Praktike vun der non-formeller Erzéiung ze innovéieren / *Des laboratoires pédagogiques: ils développent de nouvelles activités pour enfants et adolescents avec l'objectif d'innover les pratiques de l'éducation non-formelle*
- Weiterbildungszentren: D'Erfahrung vum pädagogesche Personal vun den Zentre ginn anhand vu Weiterbildungen a Publikatiounen weidergedroen / *Des centres de formation continue: les expériences du personnel pédagogique du centre sont transmises grâce à des formations et des publications*
- Institutionell Partner: Si sinn Deel vu regionalen, nationalen an internationale spezialiséierten Netzwierker / *Des partenaires institutionnels: ils font partie de réseaux spécialisés régionaux, nationaux et internationaux*
- An der Regioun Lëtzebuerg West sinn d'Zentren Huelmes a Mariendall vum SNJ usässeg
Les centres SNJ de Hollenfels et de Marienthal se situent dans la région Lëtzebuerg West

www.hollenfels.snj.lu & www.marienthal.snj.lu

Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la commune de Mersch asbl

Dem Syndicat d'Initiative vu Miersch seng Missioun sinn d'Bedreiwen a Verschéinere vum Camping Krouneberg (131 traditionell Stellplazen, 3 Komfort-Plazen an 21 Plaze fir Camping résidentiel, Verloune vu 17 Mobilhomen) an den Ënnerhalt vu 60 km Wanderweeër an 105 Bänken.

Le Syndicat d'Initiative de Mersch est chargé de la gestion et de l'embellissement du camping Krouneberg (131 emplacements traditionnels, 3 emplacements confort et 21 emplacements pour camping résidentiel, location de 17 mobilhomes) ainsi que de l'entretien de 60 km de chemins de randonnée et de 105 bancs publics.

Aktivitéiten / Activités:

- Koordinatioun an aktiv Bedeelegung un der Botz an der Natur / *Coordination et participation active au Botz an der Natur (nettoyage dans la nature)*
- Traditionelle Cortège vum 1. Mee
Cortège traditionnel du 1^{er} mai
- Organisatioun vu Concerten a vum *Kiermesmatch* (Fussball) / *Organisation de concerts et du Kiermesmatch (match de football de la kermesse)*
- Organisatioun vum Chrëschtmaart zesumme mat der Gemeng mat Verdeele vun Titercher un d'Kanner / *Organisation du marché de Noël, en collaboration avec la commune, et distribution de sachets de St-Nicolas aux enfants*
- Publikatioun vun *Eist Miersch*
Publication Eist Miersch

www.campingkrouneberg.lu



Dëst an dat En bref

Text: Michèle Thinnès

Fotoen: Michèle Thinnès, Claude Ries



Offiziell Virstellung vun der Lokaler Aktiounsgrupp Lëtzebuerg West 2014-2020

Den 10. November ass am Baisinn vum Minister Fernand Etgen déi Lokal Aktiounsgrupp Lëtzebuerg West fir d'Period 2014-2020 offiziell virgestallt ginn. Dëst huet am schéine Kader vum Centre de Jeunesse vum Service National de la Jeunesse am Mariendall zesumme mat de Partner vun der Lokaler Aktiounsgrupp a weideren Acteuren aus der Regioun Lëtzebuerg West stattfonnt. Et war den offizielle Startschoss fir vill spannend Projeten, déi an de kommende Jore wäerten an eiser Regioun ëmgesat ginn.



Présentation officielle du Groupe d'Action Locale Lëtzebuerg West 2014-2020

C'est dans le cadre charmant du Centre de Jeunesse du Service National de la Jeunesse à Marienthal que le Groupe d'Action locale Lëtzebuerg West de la période 2014-2020 a été présenté le 10 novembre en compagnie du ministre Monsieur Fernand Etgen. Les partenaires du Groupe d'Action Locale et d'autres acteurs de la région Lëtzebuerg West assistèrent au coup de départ officiel d'une multitude de projets passionnants qui verront le jour dans notre région durant les années à venir.





Regionale LEADER-Dag

Ganz no eisem Motto „Zesummen an eiser Regioun“ wëllt de LEADER-Büro den Austausch an den Zesummenhalt tëschent eise Partner stäerken an huet dëst Joer fir d'éischte Kéier de Regionale LEADER-Dag organiséiert. Dësen huet de 15. Oktober stattfont an et war d'Gemeng Stengefort, déi agelueden hat. De Programm war ganz dem Austausch a géigesäitege Kennelëiere gewidmet, wat besonnesch wichteg ass um Ufank vun enger LEADER-Period mat enger Rei neie Partner. Vill vun den invitéierte Partner ware komm a konnten an engem entspaante Kader d'Gemeng Stengefort kenne léieren a géigesäiteg Projetsiddien austauschen.

Journée régionale LEADER

Fidèle à sa devise «Ensemble dans notre région» et afin d'encourager l'échange et la collaboration entre ses partenaires, le bureau LEADER a organisé cette année une première Journée régionale LEADER. C'est la commune de Steinfort qui, le 15 octobre, présenta un programme permettant notamment aux nombreux partenaires nouveaux d'établir des contacts et de faire connaissance en ce début de période LEADER. L'assistance fut nombreuse, et les invités profitèrent du cadre convivial pour se rencontrer et échanger des idées de projets.





Lëtzebuerg West op der LINC-Konferenz

D'LINC-Konferenz huet dëst Joer vum 27. bis 29. September an Ungarn stattfonnt. LINC (LEADER Inspired Network Community) ass en Treffen, dat all Joer d'Lokal Aktionsgruppen aus ganz Europa zesummebréngt, fir Erfahrungen auszetauschen. D'Regioun Lëtzebuerg West war mam LEADER-Büro an dräi Vertrieder aus dem Comité derbäi. Si hunn e beräichenden Abléck an déi ungaresch Kultur kritt a konnten interessant Kontakter mat aner GALe knäppen.



Lëtzebuerg West à la conférence LINC

La conférence LINC (LEADER Inspired Network Community) a eu lieu cette année du 27 au 29 septembre en Hongrie. Il s'agit d'une rencontre qui réunit tous les ans les Groupes d'Action Locaux de toute l'Europe pour échanger leurs expériences. La région Lëtzebuerg West fut représentée par le bureau LEADER et trois membres du comité, qui purent se faire une idée enrichissante de la culture hongroise et créer des contacts avec d'autres GAL.



Bundesweites LEADER-Treffen

Den 8. bis 9. November war de LEADER-Büro um bundeswäite LEADER-Treffen zu Blaubeuren an Däitschland vertrueden. Och dës Veranstaltung stoung ganz ënnert dem Thema Netzwierker opbauen, fir transnational Kooperatiounen ze plangen: "Den Sprung aus der Region wagen! Gebietsübergreifend und transnational kooperieren." Während deenen zwee Deeg hu Foren, Virträg an Excursiounen d'Méiglechkeet ginn nei Iddien ze sammelen an Erfahrungen mat aneren LEADER-Regiounen auszetauschen.



Rencontre LEADER en Allemagne

Les 8 et 9 novembre, le bureau LEADER assista à la rencontre fédérale à Blaubeuren en Allemagne. Cette manifestation était destinée à créer des réseaux et planifier des coopérations transnationales et placée sous la devise: «Oser le saut au-delà de la région! Coopérer de façon transrégionale et transnationale.» Durant ces deux journées, des forums, des conférences et des excursions offraient autant d'occasions de s'inspirer et de discuter de projets avec d'autres régions LEADER.





Aweigung vun de Vëlosschëlter

Den 12. Oktober ass déi nei Beschëlderung vun den nationale Vëlosweeër offiziell vum Minister François Bausch zu Useldeng virgestallt ginn. Dës Schëlter erlaben elo, zousätzlech méi kleng Plaquettes ënnert dem nationale Schëld unzebréngen. Sou konnten elo déi éischt regional touristesch Vëlosweeër, déi am Kader vun de LEADER-Projeten „Regional mobil mam Vëlo am Westen“ an „Vëlo Westen 2“ ausgeschafft gi sinn, zousätzlech ausgewise ginn. Am Kader vum „Regional mobil mam Vëlo am Westen“ hunn 19 Gemengen aus der LEADER-Regioun Lëtzebuerg West an der ehemolegen LEADER-Regioun Réiden/Woltz zesumme geschaaft fir hier Vëlosweeër mateneen ze vernetzen an ze verbesseren. Déi nei Beschëlderung erlaabt et de Vëlosfuerer, sech méi einfach ze orientéieren.



Inauguration des panneaux de signalisation pour cyclistes

Le 12 octobre, la nouvelle signalisation des pistes cyclables nationales a été présentée par le ministre Monsieur François Bausch à Useldange. Les nouveaux panneaux peuvent être complétés par des plaquettes supplémentaires, permettant entre autre de signaler les premiers chemins cyclables touristiques régionaux conçus dans le cadre des projets LEADER «Regional mobil mam Vëlo am Westen» et «Vëlo Westen 2». C'est dans le cadre du projet «Regional mobil mam Vëlo am Westen» que 19 communes de la région Lëtzebuerg West et de l'ancienne région Redange/Wiltz ont collaboré pour créer et améliorer un réseau de chemins cyclables. La nouvelle signalisation facilite aux cyclistes l'orientation de façon considérable..

CultTrips

Vum 13. bis 15. November war zu Wien en Treffe mat fënnef verschidene Lokalen Aktiounsgruppen aus Eisterräich, Estland a Lëtzebuerg, fir den neien transnationale Kooperatiounsprojet CultTrips virzebereeden. De LEADER-Büro huet un dësem Treffen deelgeholl. Zil vu CultTrips ass d'Förderung vun engem nohaltege soziokulturellen Tourismus am ländleche Raum mat Abanne vun der lokaler Bevëlkerung.



CultTrips

Une rencontre de cinq Groupes d'Action Locale d'Autriche, d'Estonie et du Luxembourg eut lieu du 13 au 15 novembre à Vienne, afin de préparer le nouveau projet de coopération CulTrips. Le bureau LEADER a assisté à cette rencontre. L'objectif de CulTrips consiste à favoriser un tourisme socioculturel durable en milieu rural avec la participation de la population locale.



ORT a LEADER an der Regioun Lëtzebuerg West

ORT et LEADER dans la région Lëtzebuerg West

Mat der Grënnung vum Office Régional du Tourisme Centre/Ouest (ORT) am Mee 2016 ass e laanggeheegte Wonsch vun den Acteuren aus der Regioun Lëtzebuerg West Realitéit ginn. Well d'Zesummespill um Terrain wichteg ass, notze mir d'Geleeënheet, fir d'Charakteristike vu LEADER a vum ORT ze skizzéieren. Béd Acteure wäerte sech an Zukunft inhaltlech an thematesch ergänzen. LEADER bréngt weiderhin als Förderinstrument Suen an d'Regioun, déi soss net géifen zur Verfügung stoen. Den ORT wäert als responsabel Organisatioun vun touristesche Projeten op LEADER-Fördermëttel zeréckgräife kënnen. / Avec la fondation de l'Office Régional du Tourisme Centre/Ouest (ORT) en mai 2016, c'est un souhait caressé de longue date par les acteurs de la région Lëtzebuerg West qui s'est enfin réalisé. Comme l'interaction sur le terrain est primordiale, nous nous proposons d'esquisser ici les caractéristiques de LEADER et de l'ORT. Les deux acteurs se compléteront dorénavant quant aux contenus et aux thèmes abordés. LEADER continuera d'apporter à la région les moyens financiers dont elle aura besoin. L'ORT pourra profiter de ces moyens en tant qu'organisation responsable de projets touristiques.

Office Régional du Tourisme (ORT) Zentrum/Westen

Wat ass en Office Régional du Tourisme?

En ORT ass e regionalen Tourismusverband, deen duerch den Zesummeschluss vun öffentliche, privaten an associative Strukturen, déi am Tourismus tätig sinn, entstanen ass.

Aktuellt Gebitt vum ORT Zentrum/Westen:

D'Gemenge Biekerech, Béiwen/Atert, Konter, Ell, Kielen, Käerch, Luerenzweiler, Mamer, Miersch, Nidderaanwen, Präizerdaul, Réiden/Atert, Sëll, Sandweiler, Schëtter, Téinten, Useldeng, Wal, Walfer, Weiler-la-Tour

Wéi eng Beräicher ënnerstëtzt den ORT?

D'Tätigkeete vum ORT sinn op d'Entwécklung vum Tourismus an d'Vermaartung vun der Regioun ausgeriicht.

Wéi eng Ziler huet den ORT?

- Entwécklung a Fëderung vun der Regioun Zentrum/Westen als touristesch Regioun
- Erhalen a Valorisation vun Natur, Kultur a geschichtlech Patrimoine aus der Regioun
- Entwécklung vun engem regionalen touristeschen Entwécklungskonzept
- Opbau vun engem regionale Marketingplang
- Koordinatioun vun den Aktivitéiten a Veranstaltungen an der Regioun
- Schafe vun neien touristesche Produiten
- Kollaboratioun mat öffentliche a privaten Tourismusacteuren op nationalem a regionalem Plang souwéi transnational Kollaboratioun mat Tourismusacteuren aus den Nopeschlänner

Lokal Aktionsgrupp LEADER Lëtzebuerg West

Wat ass LEADER?

LEADER ass eng Initiativ vun der Europäescher Unioen a steet fir „Liaison Entre Actions de Développement de l'Economie Rurale“. LEADER soll deemno Verbindungen tëschent Projeten an Acteuren aus der Wirtschaft am ländleche Raum hierstellen.

Aktuellt Gebitt vu der Lokaler Aktionsgrupp LEADER Lëtzebuerg West:

D'Gemenge Béiwen/Atert, Garnech, Käerch, Mamer, Miersch, Simmer, Stengefort, Téinten

Wéi eng Beräicher ënnerstëtzt LEADER?

LEADER ënnerstëtzt Projeten an all den Tätigkeetsberäicher, déi an der regionaler Entwécklungsstrategie festgeluecht goufen. Fir d'Förderperiod 2014-2020 sinn dat an der Regioun Lëtzebuerg West folgend Tätigkeetsberäicher:

- **WunnRegioun** – Sozialen Zesummenhalt a Liewensqualitéit, Integratioun, Biergerbedeegung
- **NaturRegioun** – Landwirtschaft a regional Produiten, Bësch, Waasser, Energie, Ëmweltbildung
- **KulturRegioun** – Geschicht vun der Regioun, kulturelle Patrimoine, Bildung
- **TourismusRegioun** – Tourismus, Fräizäit, Evenementer

Wéi eng Ziler huet LEADER?

- Entwécklung vum ländleche Raum
- Mobiliséierung vu Mënschen am ländleche Raum
- Innovativ Iddien ënnerstëtzen
- Vernetzung vun de regionalen Acteuren
- Aarbechtsplaze schafen
- D'Iddien esou entwéckelen, dass se herno eegestänneg weiderlafen

Den Office Régional du Tourisme ...

- ... ass monosektoriell (Tourismus)
- ... verfüügt iwwert en eegene Budget
- ... riicht sech mat senge Projeten a Moosnamen un Touristen an Dagesausflüchter
- ... vernetzt all d'touristesche relevant Acteuren
- ... koordinéiert eng touristesch Vermaartung vun der Regioun, déi an d'Zukunft geriicht ass
- ... ka Subventiounen aus aneren Institutiounen fir Projete bezéien

Kontakt: Office Régional du Tourisme du Centre/Ouest asbl,
23, rue des Près, L-7561 Mersch, T: 26 32 62 62, E: ortco2016@gmail.com

LEADER ...

- ... ass multisektoriell (Soziales, Natur, Kultur, Tourismus ...)
- ... ass e Förderinstrument mat Kofinanzéierung d.h. e Finanzgeber fir Projeten
- ... riicht sech un d'Awunner aus der Regioun (Projetsiddien a Moosnamen)
- ... ass Vernetzer a Koordinator
- ... bitt d'Méiglechkeet, innovativ Iddien ëmzesetzen
- ... setzt Impulser fir eng nohaltege Regionalentwécklung
- ... schaaft Kontakter tëschent Mënschen a ganz Europa

Kontakt: LEADER-Büro Téinten, 1, rue de l'Eglise, L-7481 Téinten,
T: 26 61 06 80, E: lw@leader.lu, www.letzebuergwest.lu



Office Régional du Tourisme (ORT) Centre/Ouest

L'Office Régional du Tourisme, c'est quoi?

Il s'agit d'une fédération touristique qui s'est créée par l'alliance de structures publiques, privées et associatives engagées dans le domaine du tourisme.

Territoire actuel de l'ORT Centre/Ouest:

Les communes de Beckerich, Boevange/Attert, Contern, Ell, Kehlen, Koerich, Lorentzweiler, Mamer, Mersch, Niederanven, Préizerdaul, Redange/Attert, Saeul, Sandweiler, Schuttrange, Tuntange, Useldange, Wahl, Walferdange, Weiler-la-Tour

Quels domaines sont subventionnés par l'ORT?

Les activités de l'ORT visent le développement touristique et la promotion de la région

Quels objectifs poursuit l'ORT?

- Développement et promotion de la région Centre/Ouest en tant que région touristique
- Sauvegarde et valorisation de la nature, de la culture et du patrimoine historique de la région
- Élaboration d'un concept de développement touristique
- Élaboration d'un plan régional de marketing
- Coordination des activités et manifestations dans la région
- Création de nouveaux produits touristiques
- Collaboration avec les acteurs du tourisme publics et privés sur le plan national et régional, collaboration transnationale avec les acteurs du tourisme des pays voisins

Groupe d'Action Locale LEADER Lëtzebuerg West

LEADER, c'est quoi?

LEADER est une initiative de l'Union Européenne et signifie «Liaison Entre Actions de Développement de l'Economie Rurale». D'après cette définition, LEADER a pour mission de créer des liens entre projets et acteurs de l'économie en milieu rural.

Territoire actuel du groupe d'action local LEADER Lëtzebuerg West:

Les communes de Boevange/Attert, Garnich, Koerich, Mamer, Mersch, Septfontaines, Steinfort, Tuntange

Quels domaines sont subventionnés par LEADER?

LEADER soutient des projets des domaines définis dans la stratégie de développement régionale. Pour la période de 2014-2020, il s'agit des domaines suivants:

- **Région de résidence** – solidarité sociale, qualité de vie, intégration, participation des citoyens
- **Région naturelle** – agriculture et produits du terroir, forêt, eau, énergie, éducation environnementale
- **Région culturelle** – histoire de la région, patrimoine culturel, éducation
- **Région touristique** – tourisme, loisirs, événements

Quels sont les objectifs de LEADER?

- Développement de l'espace rural
- Mobilisation des habitants de l'espace rural
- Soutenir des idées innovatrices
- Mise en réseau des acteurs régionaux
- Création d'emplois
- Développement de projets aptes à être poursuivis de façon autonome

L'Office Régional de Tourisme ...

- ... est monosectoriel (tourisme)
- ... dispose d'un budget propre
- ... s'adresse, par ses projets et mesures, tant aux vacanciers qu'aux excursionnistes
- ... met en réseau tous les acteurs en rapport avec le tourisme
- ... coordonne un marketing touristique de la région orienté vers l'avenir
- ... peut bénéficier de subventions d'autres institutions pour ses projets

Contact: Office Régional du Tourisme du Centre/Ouest asbl,
23, rue des Près, L-7561 Mersch, T: 26 32 62 62, E: ortco2016@gmail.com

LEADER ...

- ... est multisectoriel (social, nature, culture, tourisme,...)
- ... est un instrument d'aide et de co-financement, c-à-d un financeur de projets
- ... s'adresse aux habitants de la région (idées de projets et mesures)
- ... met en réseau et coordonne
- ... permet de réaliser des idées innovatrices
- ... donne des impulsions pour un développement régional durable
- ... crée des contacts entre habitants de toute l'Europe



Kontakt: LEADER-Büro Téinten, 1, rue de l'Eglise, L-7481 Téinten
T: 26 61 06 80, E: lw@leader.lu, www.letzebuergwest.lu

Text: Sarah Mathieu
Illustration: Anne Mélan

APP Visit Luxembourg West

Lued Iech d'Applikatioun Visit Luxembourg West am App Store oder Google Play erof a freet Iech op spannend Entdeckungen...

Téléchargez l'application dans l'App store ou Google Play sous le nom Visit Luxembourg West et appréciez la découverte...





LEADER
Lëtzebuerg West

Boevange/Attert
Garnich
Koerich
Mamer
Mersch
Septfontaines
Steinfort
Tuntange



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs



Europäischer Landwirtschaftsfonds für die Entwicklung
des ländlichen Raumes: Hier investiert Europa in die ländlichen Gebiete



MIXTE
Papier Issu de
sources responsables
FSC® C103749

